# Science for Kids 2013

Lycée Josy Barthel Mamer

# @ LJBM

**Science** for **Kids** ass e Projet vum

Lycée Josy Barthel Mamer

a gëtt ënnerstëtzt vum

Fonds National de la Recherche Luxembourg

Konzept a Realisatioun vum Flyer: aD

# Science for Kids 2013

Lycée Josy Barthel Mamer

# @ LJBM







Lycée Josy Barthel Mamer

Fonds National de la Recherche Luxembourg

Du bass am Cycle 4, bass interesséiert un den Naturwëssenschaften a méchs gär selwer Experimenter?

Dann ass « **Science for Kids** » genau dat Richtegt fir dech!

Erliew e flotten Nomëtteg am Lycée Josy Barthel zu Mamer:

3 Atelieren vu jeweils 50 Minutten an den Naturwëssenschaften

# Physik
# Chimie
# Biologie

- ☐ Dënschdes **4. Juni 2013** vun 13h30 bis 16h00
- ☐ Donneschdes den **13. Juni 2013** vun 13h30 bis 16h00

# Physik



- Mir maachen eng Rei Experimenter ronderem d'Thema »Faarwen an optesch Täuschungen«.
- Mat Hëllef vu verschiddene Versich léiers du, wéi Aan a Gehir zesumme schaffen, fir dass mir Faarwen erkennen.
- Ausserdem weise mir dir e puer flott an erstaunlech optesch Täuschungen.
- Zum Schluss baut jiddereen e Kaleidoskop fir mat heem ze huelen.





# Chimie



- Och an der Chimie dréit sech dest Joer alles ëm d'Faarwen a Faarwstoffer.
- Fir d'éischt léiere mir e puer Zochten vu »Geheimtënt« kennen, mat deene mir e bëssen experimentéieren.
- Duerno kucke mir, wéi eng Faarwstoffer sëch an alldeeglechen Stoffen, wéi Liewensmëttel oder Molfaarwen verstoppen.
- Zum Schluss weise mir dir nach e puer ganz erstaunlech Experimenter ronderem d'Thema vun de Faarwen an der Chimie.



# Biologie



- Hues de schonn e Moosdéierche vu méi no gesinn? Oder e Pseudoskorpioun, deen um Buedem an eise Bëscher lieft?
- Mir bauen e klenge Staubsauger fir Buedemdéieren ze fänken an ënnert der Binokularlupp ze ënnersichen.



- Mat e puer flotten Experimenter wëlle mer ee vun de wichtegsten Liewensraim, nämlech de Buedem mat sengen Organismen buchstäblech méi genee ënnert d'Lupp huelen.
- Jiddereen planzt säin eegene Bam, deen en herno mat Heem dierf huelen.




Lycée Josy Barthel Mamer
« *Science for Kids* »
c/o Département de Physique
2, rue Gaston Thorn
L – 8268 Mamer


Heimatt mellen ech mech un fir « **Science** for **Kids** »

☐ Dënschdes de **4. Juni 2013**

☐ Donneschdes den **13. Juni 2013**

**Numm**

**Adress**

**Uertschaft**

**Telefon**

**Email**

Fir dech unzemellen,

- wiel een (1) vun deenen zwee Datumen;
- fëll déi Kärtchen op deser Säit aus, rapp se vum Flyer erof a schéck eis se zréck; oder
- schreif eis eng Email mat deene selwechten Informatiounen op

**science@ljbm.lu**

bis spéitstens **1 Woch** virum Dag deens du gewielt hues.